PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Viru Kuerzem huet de Minister fir Mobilitéit d'Aktualiséierunge vun der Mobilitéits-App virgestallt. Duerch technesch Neierunge kennen d'Passagéier elo an Echtzeit gesinn, wann hire Bus ze spéit ass. Allerdéngs ass eis zougedroe ginn, dass d'Moderniséierung vun der Mobilitéits-App beim Schinnentransport Problemer huet. Op Nofro beim Verkéiersverbond gëtt een informéiert, dass d'Donnéeën zu den Zich, déi op der CFL-Website stinn, net an Echtzeit mat den Donnéeë vum Verkéiersverbond synchroniséiert ginn. Esou kann et sinn, dass een op der CFL-Website d'Horairë vun den Zich éischter ugewise kritt wéi beim Verkéiersverbond.

Souwuel der Verkéiersverbond wéi och d'CFL sinn Organisatiounen, an deenen de Mobilitéitsministère duerch säin Afloss an de Verwaltungsréit strategesch Decisioune beaflosse kann.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis vun dësem Problem? Falls jo, wéi ass et ze erklären, dass dëse Problem, Stand 2019, nach existéiert?

2. Bis wéini mengt de Minister, dass d'Donnéeën vun der CFL-Website zäitgläich an der App vum Verkéiersverbond ugewise kéinte ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député